Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**
St Laurent / Tony Noesen **Dikrich**

36, am Floss L-9232 Dikrich | diekirch.lgs.lu | carapio@diekirch.lgs.lu

Dikrich, den 15. September 2016

CaraPio: 1. Trimester

Léiw CaraPio, léiw Elteren,

hei fannt dir de Programm fir dat éischt Trimester.

Eis **Versammlunge** sinn, wann net anescht uginn, Freides vun 18h30 bis 20h00 an eisem Home, zu Dikrich am Floss.

D'**Kotisatioun** bedréit 15€. Hues du allerdings méi al Geschwëster, déi och an den Dikricher Guiden a Scouten sinn, dann muss du nëmmen 12€ bezuelen. Iwwerweis déi w.e.gl. bis spéitsdens den 1. November, mam Vermierk 'KOTISATIOUN Numm + Virnumm (vum CaraPio)' op eise Konto. (Kontonsnummer fënns de ënner Kontakt)

An der éischter Versammlung kriss du eist Informatiounsblat. Dëst beinhalt wichteg Kontaktinformatiounen sou wéi och eng **Fiche Médicale**, déis de vun déngen Elteren ausfëllen an ënnerschreiwe muss loossen. Bréng se sou séier wéi méiglech rem mat zeréck an d'Versammlung.

D'**Bréiwer** an Informatioune fir de Rescht vum Jar kommen ab elo ëmmer per E-Mail. Et kommen och alt mol kuerzfristeg Ännerungen zu Aktivitéite no, dofir ass et wichteg dass du regelméisseg déng E-Maile liese geess.

Wanns du nach eng **Uniform** brauchs, dann mell dech no enger Versammlung bei eis. Mir maachen eng Sammelbestellung am Shop, an hunn och déi eng oder aner Second-Hand Uniform. Hues du eng al Uniform déis du net méi brauchs, dann huele mir déi gäer entgéint fir weider ze ginn.

Mell dech w.e.gl. of wanns du net un enger Versammlung / Aktivitéit kanns deelhuelen. Schreiw eis einfach eng SMS. ☺

Mat beschte Gréiss,

Déng Chefekipp

Kontakt

Wanns du nach weider Froën hues, dann maach einfach eng E-Mail op carapio@diekirch.lgs.lu oder schwetz eis no der Versammlung enker dodrop un.

Numm	Adress	Handy
Pol WEYDERT	6 Halsbach L-7662 Medernach	621 748 718
Laurent POTT	16, rue Klein L-9251 Dikrich	691 825 679
Julie KAISER	6, rue principale L-8612 Pratz	661 693 566
Alex CARNEIRO	16, hannert dem Schlass L-9353 Bettendorf	621 438 438
Joé DE DOOD		
Benjamin POTTIER		

Bankverbindung BCEE [LGS-DIEKIRCH CARAPIO] IBAN LU14 0019 1755 9678 5000

Progamm

Wéini?	Wou?	Wat?
Fr. 16. September	-	**Keng Versammlung**
Fr. 23. September	am Floss	Versammlung – Éischt Versammlung
Fr. 30. September	am Floss	Versammlung – Virbereedung Kiermes
Sa. 1. Oktober	**am Floss**	**Kiermes am Floss** (Pkt 1)
Fr. 7. Oktober	am Floss	Versammlung
Fr. 14. Oktober	**am Floss**	**Generalversammlung & Merci-So-Iessen** (Pkt 2)
Fr. 21. Oktober	-	**Keng Versammlung**
Sa. 22. - 23. Oktober	**Wäicherdang**	**Montées Week-End** (Pkt 3)
Fr. 28. Oktober	am Floss	Versammlung
Fr. 4. November	-	**Keng Versammlung**
Fr. 11. November	am Floss	Versammlung
Fr. 18. November	am Floss	Versammlung
Fr. 25. November	am Floss	Versammlung
Fr. 2. Dezember	am Floss	Versammlung
Fr. 9. Dezember	am Floss	Versammlung
Fr. 16. Dezember	**am Floss**	**Chrëschtversammlung** (Pkt 4)
Fr. 23. Dezember	-	**Keng Versammlung**
7. - 8. Januar 2017 ???	**Ierpeldéng**	**Nuetsfunkraid** (Pkt 5)
Sa. 28. Januar 2017	**Al Seeërei**	**Gebuertsdagsiessen** (Pkt 6)
18. - 28. Juli 2017	**Kierchbierg**	**Summercamp Go Urban** (Pkt 7)

1) Kiermes

Wéini? Samsdes, den 1. Oktober 2016
Mir treffen eis all um 10h00 an Uniform am Floss.
De Besuch ass fir 11h30 invitéiert.

Wou? Am Floss

Wat? Mir hu nees eng Kiermes mat ville flotte Spiller fir déi ganz Famill. Mëttes gëtt de Kiermes Menu zervéiert. Mat de CaraPio hëllefe mer de ganze Nomëtteg bei de Spiller. Invitéiert äer Famill a Kolegen fir bis kucken ze kommen.

Eng séparat Invitatioun kënnt no. Mir hoffen eech all do ze gesinn.

2) Generalversammlung an Merci-So-Iessen

Wéini? Freideg, de 14. Oktober 2016.
Generalversammlung um 18h30
Eessen um 20h00

Wou? Am Floss

Wien? Dir natierlech :-) An är Elteren sinn och ganz häerzlechst matinvitéiert

3) Montées Week-End

Wéini?	Freideg, de 22. Oktober vu 10h00 bis Samsdes, de 23. Oktober um 17h00
Wou?	Wäicherdang
Umeldung?	Andeems de d'Participatioun vun 20€ bis den 15. Oktober mam Vermierk 'MONTEE Numm+Virnumm' iwwerweis (Kontosnr. → 'Kontakt')
Matbréngen?	Alles wat ee sou op engem Week-End brauch, Gezeih fir bei all Wieder, Schlofsak …

4) Chrëschtversammlung

An eiser Chrëschtversammlung Wichtele mir. Dat heescht jidweree bréngt ee klenge Kado mat, näicht deieres, just eng Klengegkeet wéi zB. selwer gebake Kichelcher. Dës verschenke mer dann ënnerteneen.

5) Nuetsfunkraid

Wéini?	Samsdes, den 7. bis Sonndes, den 8. Januar 2017 (wahrscheinlech)
Wou?	Zu Ierpeldéng beim Schlass
Umeldung?	Andeems de d'Participatioun vun 30€ bis den 30. Dezember mam Vermierk ‚FUNKRAID Numm + Virnumm' iwwerweis.

6) D'Gebuertsdagsiessen fir 100 Jar

Wéini?	Samsdes, den 28. Januar 2017
Wou?	An der Seeërei zu Dikrich
Umeldung?	Mir feieren op den Dag genee eis 100 Jar! Dat muss gefeiert ginn. Dir, Är Famill an Är Kolege sinn all häerzlecht invitéiert mat eis ze feieren. Et gëtt ze Eessen a mir spillen tëschent de Gäng kleng Theaterstécker a Scatcher. Eng séparat Invitatioun kënnt nach no – mee hal der deen Dag unbedingt fräi!

7) GoUrban 2017

Wéini?	18. - 28. Juli 2017 um Kierchbierg
Wat?	Een internationalen Guiden- a Scoutscamp hei zu Lëtzebuerg. All Branchen an all Gruppen aus dem ganze Land treffe sech hei.
Umeldung?	Eng éischt Umeldung kënnt dir per Mail (carapio@diekirch.lgs.lu) bis den 1. Dezember 2016 maachen.